piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22/09/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Verdeedegung weiderzeleeden.**

Déi belsch Regierung plangt, fir Zaldoten zu Bréissel an de Stroossen anzesetzen, fir de Problem vun der Waffegewalt zu Bréissel an de Grëff ze kréien. Den Informatiounen op *rtbf.be* no, soll dëst ab Abrëll 2026 geschéihen.

Lëtzebuerg wëll bis 2030 mat der Belsch ee gemeinsame Batailloun opbauen, an deem Lëtzebuergesch Zaldoten inkorporéiert sinn. Et besteet de Risiko, dass déi belsch Regierung Lëtzebuerger Zaldote kéint op Bréissel schécken, fir do ze patrulléieren.

Op der Website vun der Lëtzebuerger Arméi steht folgend Informatioun:
"*Le bataillon binational sera formé, équipé et capable d'effectuer un large éventail de missions, dans un **cadre national**, multilatéral, **ou en appui** à une organisation internationale **ou régionale**, telles que l'OTAN, l'Union européenne ou l'Organisation des Nations unies.*"

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Fro stellen:

1. Dierften d'Lëtzebuerger Zaldoten, am Kader vum binationale Bataillon, fir esou Missiounen zu Bréissel oder an anere belsche Stied agesat ginn?

Mat déiwem Respekt,

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

GOERGEN Marc
Deputéierten